adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
20 JAN. 2020
1737

Lëtzebuerg, den 20. Januar 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

A verschiddene Schoulgebaier a Foyer Scolaire kënnen d'Fënsteren, anscheinend aus Sécherheetsgrënn, wann d'Kanner sech am Gebai ophalen, just gekippt ginn. D'Léierpersonal huet kee Schlëssel, fir d'Fënsteren opzespäre fir, z.B. wärend de Pausen, lëften ze kënnen. Dësen Zoustand huet eng Rei vu Nodeeler.

Wann d'Raimlechkeeten net kënne richteg geléft ginn, ass d'Warscheinlechkeet vu Pilze (Schimmel) vill méi grouss.

Duerch gekippte Fënstere geet vill Hëtzt verluer, an d'Mauere killen aus. Nëmmen ee geréngen Loftaustausch ass méiglech. Un de kale Maueren kondenséiert d'Fiichtegkeet méi séier wat Schimmelbildung begënschtegt.

Dowéinst wollt ech dem Här Minister dës Froe stellen:

1. Ass den Här Minister der Meenung, datt et aus Sécherheetsgrënn wierklech néideg ass, datt d'Fënsteren an de Schoulgebaier (resp. Container oder Schoulfoyeren) ëmmer nëmmen däerfe gekippt ginn, och wann d'Kanner ënnert der Surveillance vun engem Erwuessene sinn? Wat ass déi rechtlech Grondlag fir esou eng Bestëmmung? Gëtt et eventuell kommunal ënnerschiddlech Reegelungen an där Matière a, wa jo, wéi eng sinn dat?
2. Ass et de Conciergë verbueden, den Enseignanten e Schlëssel, fir d'Fënsteren opzemaachen, zur Verfügung ze stellen (z.B. fir datt si wärend de Pause kéinte richteg lëften)? Wa jo, vu wéi enger Instanz kënnt dee Verbuet an a wéi enger rechtlecher Form ass en?
3. Ginn d'Schoulgebaier, d'Container, d'Schoulfoyeren an esou viru reegelméisseg op Schimmel an aner schiedlech Substanzen ënnersicht ? Wa jo, wéi ee Service ass dofir zoustänneg an no wéi enge Modalitéiten (z.B. zäitlech Ofstänn) ginn dës Kontrolle gemaach? Hunn déi Persounen, déi dës Kontrolle maachen, ëmmer déi néideg an aktualiséiert Expertis?

4. U wéi eng Instanz kann een Enseignant sech adresséieren, wann hie fäert, datt e bestëmmte Sall oder e bestëmmtent Gebai gesondheetlech Risiken opweisen?
5. Gesäit den Här Minister et net éischter als e Risiko fir d'Sécherheet, wann den Enseignant keng Méiglechkeet huet, fir eng Fenster séier grouss opzemaachen? Et kann ee sech eng Rei vu Situatioune virstellen, och duerch déi international Aktualitéit aus deene leschte Joren, wou dëst am Interessi vun der Sécherheet vun der Schoulcommunautéit géing leien.

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 1737 vum honorabelen Här Deputéierte Fernand Kartheiser**

**Ad 1)**

Am Artikel 2.3 vum *Règlement grand-ducal modifié du 13 juin 1979 concernant les directives en matière de sécurité dans la fonction publique* sinn d'Dispositioune festgehalen, déi am Kader vum Lëften an de Schoulen anzehale sinn. An den Artikelen 1.7 an 1.8 sinn d'Bestëmmungen iwwert d'Receptioun vun neien, respektiv d'Homologatioun vu besteeënden Installatiounen an Equipementer festgehal. Den Artikel 13.5.02 seet : *« Les fenêtres et leurs allèges doivent être exécutées et mises en place de manière qu'une chute au dehors soit rendue impossible. Cette précaution s'impose en particulier notamment dans les écoles, dans certains établissements de soins et dans les bâtiments élevés. Le type de fenêtre combiné et basculant à la base satisfait aux exigences décrites si la position battante est condamnée et réservée au nettoyage. Chez d'autres types, l'ouverture d'aération doit être limitée par des dispositifs appropriés. »*

Allgemeng besteet bei Gebaier d'Gefor, datt en onreegelméissegt Opmaache vun de Fënsteren zu engem onnëtze Verloscht vu Wäermt féiert respektiv d'Raimlechkeeten am Summer ze vill Wäermt ophuelen. Fir den Energieverbrauch esou geréng wéi méiglech ze halen, verfügen nei Gebaier an der Reegel iwwer ee Lëftungssystem, deen dofir suergt, datt déi eenzel Raim mat genuch frëscher Loft versuergt ginn. Och ginn et an eenzelne Gebaier Systemer, déi a reegelméissegen Ofstänn d'Fënsteren automatesch opmaachen.

Den Artikel 58 vum Gesetzestext *Loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental* gesäit fir, datt d'Gebailechkeeten, an deenen den Unterrecht fir d'Grondschoulkanner stattfënnt, vun der Gemeng zur Verfügung gestallt ginn, an datt och dës sech ëm den Entretien vun de Gebaier bekëmmeren. Deemno läit et an de Gemengen hirer Verantwortung, datt d'Gebaier, déi zur Verfügung gestallt ginn, iwwert déi néideg Equipementer verfügen, fir de Reglementatioune gerecht ze ginn.

Am Artikel 6.9 vun den *Prescriptions de sécurité et de santé types – Dipositions spécifiques – services d'éducation et d'accueil* vun der Inspection du Travail et des Mines ass festgehalen, datt d'Fënstere musse geséchert sinn, sou datt d'Kanner se net eleng opmaache kënnen. Laut dem *Règlement grand-ducal modifié du 14 novembre 2013 concernant l'agrément à accorder aux gestionnaires de services d'éducation et d'accueil pour enfants* huet de Gestionnaire d'Obligatioun, seng Gebailechkeeten esou erauszesichen, datt ënnert anerem eng gutt Lëftung assuréiert ass. Och hei ass keng Obligatioun virgesinn, datt d'Lëfte via Fënstere muss assuréiert ginn, déi sech grouss opmaache loossen.

**Ad 2)**

D'Gemenge kënnen am Kontext vun de schoulesche Raimlechkeeten decidéieren, a wéi enge Fäll d'Aushännege vun esou engem Schlëssel sënnvoll ass, respektiv de Gestionnaire am Kader vum Service d'éducation et d'accueil (SEA). An de Lycéeë kann den Direkter esou eng Decisioun huelen. Et kann een hei op den Artikel 1.12 *vum Règlement grand-ducal modifié du 13 juin 1979 concernant les directives en matière de sécurité dans la fonction publique* verweisen.

**Ad 3)**

Sou wéi et am Artikel 1.16 vum *Règlement grand-ducal modifié du 13 juin 1979 concernant les directives en matière de sécurité dans la fonction publique* virgesinn ass, ginn d'Schoulgebaier reegelméisseg vun agreéierten Organismen op hir Konformitéit zu de Normen, déi en vigueur sinn, ënnersicht. Donieft huet jiddwereen d'Recht, bei engem Verdacht op Schimmel oder aner schiedlech Substanzen, sech u säi Supérieur hiérarchique oder u säin Délégué à la sécurité ze wenden, fir datt déi nächst Schrëtt kënne geplangt ginn, wéi zum Beispill en Expert anzeschalten, deen déi néideg Analyse ka maachen.

Fir d'SEA ass de Gestionnaire zoustänneg, fir d'Gebai an der Rei ze halen. Eng Kontroll vum Ministère de la Santé ass obligatoresch, ier den Agrément accordéiert gëtt. Dono si Kontrollen a verschiddene Situatioune méiglech. Esou besteet och d'Méiglechkeet, datt Kontrollen am Kader vu Reklamatiounen, déi d'Gesondheet an d'Hygiène betreffen, gemaach ginn. Hei schafft den Educatiounsministère enk mat dem Gesondheetsministère, an dësem Fall mat der Division de l'inspection sanitaire, zesummen.

**Ad 4)**

Eventuell Observatioune vu Membere vun der Schoulcommunautéit, déi d'Sécherheet oder gesondheetlech Risiken an de Schoulgebaier betreffen, kënnen am Enseignement fondamental dem Schoulpresident matgedeelt ginn, deen dës no Récksprooch mam Sécherheetsdelegéierte gegebenefalls un d'Gemeng an d'Direktioun weiderleet. Am Enseignement secondaire kënnen de Sécherheetsdelegéierten an de Schouldirekter informéiert ginn.

Am Kader vun der non-formaler Bildung huet den Educatiounsministère eng Ulafstell (d'Cellule contrôle qualité vum Service de l'éducation et de l'accueil), dei Reclamatiounen ophellt an de Suivi assuréiert. Eng weider Méiglechkeet ass Reklamatiounen iwwert d'Adress info@men.lu eranzereechen. Dës kënnen awer och direkt un d'Division de l'inspection sanitaire geriicht ginn. Wei schonn ernimmt, schafft den Educatiounsministère enk mat dem Gesondheetsministère souwéi och der Inspection du Travail et des Mines zesummen.

**Ad 5)**

Laut dem Artikel 7.4.02 vum *Règlement grand-ducal modifié du 13 juin 1979 concernant les directives en matière de sécurité dans la fonction publique* gëllt eng Fenster net als reguläre Fluchtwee: « *Ne peuvent pas tenir lieu d'issues réglementaires notamment les passages par des compartiments techniques ou des locaux dangereux, les ascenseurs, les monte-charges, les fenêtres ou autres baies d'éclairage ou d'aération, les échelles de secours ou autres dispositifs ou équipements de sauvetage (...).* ». Am Reglement heescht et weider: « *Il ne doit pas être attendu des personnes de faire usage en cas d'évacuation, de précipitation et de panique éventuelle, d'aménagements, de dispositifs ou d'équipements qu'elles n'ont pas l'habitude d'utiliser normalement et sans préparation ou entraînement.* ».

Fir d'SEA ass de Gestionnaire responsabel, dëst jee no Situatioun a Gebailechkeet ëmzesetzen.